Bd. Nr. 145

# De Menschefresser

E klengt juxegt Radausteck
vum * * *

D'Fraerollen können durch Hère gespillt gin

1948 - Drock a Verlag vum P. WORRÉ-MERTENS
Letzeburg

*PERSO'NEN:*

*Den Hèr Bir,* Dokter.

*De Fissy, sei Jong* (9 Jor al).

*D'Joffer Augustine Glatz,* Präsidentin vun der «Liga ge'ngt de Bubikapp».

*D'Joffer Mimy Trulles,* Sekretärin vum «Verein fir klassesch Sche'nhêt».

*D'Joffer Eulalie Gêscht,* Präsidentin vum Spiritisteklub «Antidreizeng».



*Szenerie:* Dem Hèr Dokter Bir sei Stode'erzemmer. Un de Wänn hänken allerlé fîrchterlech Biller an Instrumenter.

### *Szên 1.*

*De Bir* (ramo'ert am Schaf); *de Fissy.*

*Fissy* (bleift an der Dir stoen): Pappa!

*Bir* (wenkt em hannerecks mat der Hand, e soll gon).

*Fissy:* Hé Pappa!

*Bir* (irgerlech): An dann? (Wullt weidder.) Wat ass da nammel lass?

*Fissy:* Et sin 3 Dammen do, de' onbedengt mat der schwätze wellen.

*Bir:* Ech ower net mat hinnen. Ge', so en dat!

*Fissy:* Pappa, da komm dach!

*Bir:* Wêss de da net, datt ech verrêst sin? Et sto'ng dach schwarz op weîss an der Zeidonk: Doktor Bir, abwesend bis zum 14. April. An hautt ass ere'scht den e'schten. (Dre't sech em.) Hues de hinnen dat da net gesot? Können d'Menschen da net me' liesen? Dann äntfer dach, aplaz do ze ston we' en Iesel!

*Fissy:* Pappa, ech hun et jo gesot, an d'Mamm sot hinnen et och. Si soten, dat hätt gur neischt ze son, wat an der Zeidonk gesot wir. Si missten onbedengt mat der schwätzen, soten si.

*Bir:* Sot ech, sot hien, sot si. Himmeldonnerwieder, a wat hun ech ze son? Datt ech verrêst sin, son ech.

*Fissy:* Da komm hinnen dat son, Pappa, well ons gléwen se net.

*Bir:* Sin se zo' drei, sés de?

*Fissy:* Jo, et sin 3 Dammen donidden.

*Bir:* Du le'wer Himmel! De' ganz Menscherei gêt mer op de Su, ê me' domm a verreckt wè' dén anern. An ere'scht dat Gefraleitts! An do soll ech gleich mat drei lieweger matenên ubändeln, wo' et schons mat engem durgêt, fir ê baschten ze din, wann ên hinnen stonnelâng Komplimente mâchen an hirt Geschnaddders nolauschtere muss.

*Fissy:* Ja, Pappa, wat soll d'Mama dénen Dammen da son?

*Bir:* Se soll son, ech le'g am Bett, ech hätt mer de Mo verrenkt, all Schwätze wär mer streng verbueden.

*Fissy:* Ma dat ass jo eng deck Ligen, 't kann ên sech dach de Mo gur net verrenken.

*Bir:* Wat wêss du Brachkapp! Da so alt, et wär de Fo'ss, well op ech mer de Mo oder de Fo'ss verrenkt, bleift sech gleich, ech sin et, dén d'Peng huet. Ech könnt mech jo och an d'Bettt lén a gese'ch dén emol gèr, dé mer dat verbidde ge'f.

*Fissy:* D'Mama huet d'Better ower schons gemat.

*Bir* (mat vill Jesten): Wat leit mir dodrun! Wann ech mech net an d'Bett léen, dann ass et och net, well ech net dirft, mè wèll ech net well. An durfir kann ech mech *am Gêscht an d'Bett* léen a soen, ech le'g dran, wat da nemmen d'Wo'recht ass. Hues de lo verstan an dengem Klatzkapp? Da ge', so eso'!

*Fissy:* Also' ech soll son, dei Gêscht le'g am Bett, ass et eso', Pappa?

*Bir:* Dreibîz! Zengmol Dreibîz!

*Fissy:* We' ass et dann?

*Bir:* Jéjé, du verstês vum Raisonne'ern eso'vill we' eng Ko' vun enger Harmonika. Ge', Efalt, ge' nemmen, fe'er de' Fraleitt an d'Wartezemmer a so, ech ke'm gleich. Dat wèrts de dach behalen.

*Fissy* (kreischt): Wann ên net le'e wellt, dann ass ê gleich en Efalt. Ech soen dat dem Hèr Paschto'er!

*Bir:* Ennerste' dech, doremmer maulen zu gon! An iwrigens, elei am Haus sin ech Hèr.

*Fissy::* Nên, d'Gro'si ass Hèr am Haus, 't ass hirt Haus, a si le't och net.

*Bir* (zesst de Fissy): Nujé, nujé, hal op mat Blären, et wor dem Pappa jo net eso' urg gemenkt. Mè we' gesin de' Dammen dann aus? Ass vleicht eng sche' Joffer derbei, eng de' eso' sche'n ass we' d'Mama?

*Fissy:* Eng nemmen? Se sin allegurt sche'n.

*Bir:* So'so'? Hues de dann och gutt gekuckt?

*Fissy:* Ech? Ech wor net eso' keng. D'Mama sot zo' mir: Ge' so dem Pappa. et ke'men 3 sche'n Dammen hie besichen.

*Bir:* Ja, sin da keng Jofferen derbei?

*Fissy:* Dat wêss ech net. dat muss du se fron.

*Bir:* Abé. hu se da weidder neischt gesot?

*Fissy:* Zo' mir net. se hu mat der Mama geschwat.

*Bir:* Abé, da ge' elo of a so, ech ke'm gleich. ech ge'f nach mein anere Paletot undin.

*Fissy:* Wèll sin se schons an der Trap. He'ers de. Papa?

*Bir:* Donnerwetzky, a wie scheckt se dann erop? Wo' ass d'Mama dann?

*Fissy:* D'Mama huet Besuch, d'Kusinn Ketty ass do.

*Bir:* Ass de' al Bâss och nês zo' Land? Da laf du en d'Trap a weiss dén Dammen de Wé heihinner! Nondikass, da ste' dach net do ze schlofen a ma virun! Eso' en Dölples get et net me'! E'ers du ukenns, sin de Dammen schon um Speicher!

(De Fissy of, e le'sst d'Dir weit op; de Bir mecht d'Knäpp vu sengem Dokterkiddel zo', schaft e beschen Urdenonk am Zemmer; et he'ert ên treppeln.)

*Bir:* Aha, wèll sin s'um Paljé. Wär alt nemmen e le'ft jongt Médchen derbei, dat ên un d'Zeit vu sengem Jonktem erennert, dat monter a leschteg ass. Dèr aler granzeger Mattanten hun ech nach zevill gesin. O Mamm, o Kanner! A wien ass dat! (Kuckt zur Dir aus.) A wat sollen de' 3 al Tullepanten vu mir wellen?

### *Szên 2.*

De' 3 Joffern Glatz, Trulles a Gêscht (als iwerspant al Fraleitt an almo'desch verrescht); de Bir.

*De' 3 Joffern (matenên):* Bonjour' Hèr Dokter! Bonjour!

*Bir:* Dito, dir Dammen! A wat ass Iech da widder d'Liewer gelaft? Hu Der meng Annonce an der Zeidonk net gesin?

*Glatz:* Si mer bei bei engem Menschefresser? Erlabt we'negstens, datt mir ons virstellen.

*Bir:* Lost dach dé Kame'di op der Seit a sot mer direkt, ob Der krank sitt oder net. Meng Zeit ass kurz gemies.

*Glatz:* (Weist ro'eg ob d'Joffer Trulles.) Abé, dat elei ass d'Madame Mimy Trulles, Sekretärin vum «Verein fir klassesch Sche'nhêt» .....

*Bir:* Merci, merci, de Rèscht wêss ech schons. Eso' e Numm sét mer genog. Wann ê Rendflêsch oder Trulles hêscht, le'st ên sech dach emdêfen.

*Glatz:* (Weist ro'eg op d'Joffer Gêscht.) An dat do ass d'Madame Eulalie Gêscht, Präsidentin vum Spiritisteklub «Antidreizeng».

*Bir:* Et ass droleg, wat e Numm heiansdo op d'Perso'n passt.

*Glatz:* Gelt Dir, Hèr Dokter, durfir sitt Der mat Erem gewess zefridden.

*Bir:* Oho, beîssen d'Madammen och ewell.

*Glatz:* Ma gewess, wann d'Hèren ugefang, Menschefresser ze spillen.

*Bir:* Da sin ech ower virwetzeg, och Eren Numm ze he'eren.

*Glatz:* (Weist op sech.) Meija, Hèr Dokter, meng We'negkêt ass Präsidentin vun der «Liga ge'nt de Bubikapp» an hêscht Augustine Glatz.

*Bir:* Sot emol, Madame, si mer an der Fuesend? Si Dir oder ech net recht bei Tro'scht?

*Glatz:* Dat muss sech elo weisen. Mer ste'ren dach net, Hèr Dokter?

*Bir:* En Dokter ass dorunner gewinnt. Mè et därf ên ons net fir en Efalt halen, we' Dir beispillsweis elo, soss gêt ons d'Gedold aus an et get ê grob, o'ni derfir ze können. En Dokter ass och e Mensch an hätt och gèr seng Ro'.

*Trulles:* Dir wesst jo nach net, Hèr Dokter, firwat mir kom sin. Erlabt Der, datt mir ons setzen?

*Bir:* Ech mengen, et wär net derwirt. Krank sche'ngt jo kèng vun Iech ze sin, Dir Dammen, an iwer aner Sâchen schwätzt Der besser mat menger Fra. Ech kann an dèr Zeit me' Gescheites man.

*Gêscht:* Dat wesst Der net, Hèr Dokter, an iwrigens, d'Madame Dokter huet Besuch, do welle mer net ste'ern.

*Bir:* A so', an do muss ech dann hirhalen. Besuch hautt a Besuch mar, 't as fir z'entlafen.

*Glatz:* Mè mir henneren elei jo kên, an op 2 Minutten gêt et dach secher net un.

*Bir:* Elei hennert jidferê mech. Dir gesitt, ech hun segur nemmen ê Stull.

*Glatz:* Abé, ech sin eso' frei, merci, Hèr Dokter. (helt sech de Stull a setzt sech.)

*Trulles:* Mir können ons och op d'Chaiselongue setzen, Hèr Dokter!

*Gêscht:* Meija, et ass nowell eng Idi. (Sie setzen sech.)

*Bir:* Dir Dammen, ech hun Iech dach gesot ....

*Glatz:* O, elo huet den Hèr Dokter jo keng Plaz me', fir sech ze setzen.

*Bir:* Dat mecht mer glat neischt aus, Madame, ech halen net drop.

*Trulles:* Mè mir könne ganz gutt e besche rekelen an dem Hèr Dokter Plaz man.

*Bir:* Em Himmelswellen, dérange'ert Iech dach net eso', sot mer le'wer ....

*Gêscht:* Abé, ech kann Iech net eso' do sto gesin, Hèr Dokter! Hei ass Plaz genog! (Trulles a Gêscht rekelen op der Chaiselongue auserên, datt eng Plaz teschent hinne frei get.) Nu kommt, Hèr Dokter, setzt Iech hir, nemmen 2 Minutten!

*Trulles:* Oder mir stin och op!

*Glatz:* Jo, dat mâche mer, Hèr Dokter, wann Dir Iech net gleich setzt. Dir sitt dach soss net eso' ongalant ge'ngt d'Dammen.

*Bir:* Gewess. gewess. mè dat ass a menger Dokterpraxis. Elo sin ech Privatmann a well vun neischt a vu kengem eppes wessen.

*Glatz:* An zwo' Minutten schwätzt Der anescht. Dir wèrt gesin.

*Bir:* Abé, et sief dann. Mè me' we' zwo' Minutten därf et net daueren. (Setzt sech teschent Trulles a Gêscht.)

*Trulles:* So' ass et sche'n. Hèr Dokter! Dir braucht ons net ze fèrten. mir sin net gefe'erlech.

*Bir:* Dat gese'ch e Blannen. Do könnt Der bero'egt sin. Also' wat ass et?

*Glatz:* Hm! — Wesst Der dann och, Hèr Dokter, vu woo' mer elo grad kommen?

*Bir:* We' soll ech dat wessen! E'schtens interesse'ert dat mech glat net, an zwêtens sin ech net den Dokter Allwissend.

*Glatz:* Abé, mir komme vun engem Kaffiskränzchen ....

*Bir:* Dir gesitt mer och ganz eso' aus. Do haten d'ureg Zongen nês Arbecht. An der braucht mech elo, fir d'Lächer am Kapp ze hélen.

*Trulles:* Do si Der schwe'er am Irrtom. Bei der Madame Schnabbel könnt neischt eso' vir. Dir kennt se dach, d'Madame Schnabbel?

*Bir:* Schnabbleg Fraleitt kennen ech genog, ower Er Madame Schnabbel net.

*Gêscht:* An et ass dach vrun zwanzeg Jor Er Flam am Danzcours gewiescht.

*Bir:* O, do huet ên allerlê Flamen, vun dénen ên neischt wêss.

*Trulles:* Abé, de' hei wor ganz seriös.

*Bir:* Kuck, kuck, hu Der dat nawell eraus geschnoffelt. Eso' Kaffisfraleitt si gebueren Detektiven. An zenter we'ni hêscht de' Flam dann Madame Schnabbel?

*Gêscht:* Zenter datt sie sech fir d'zwêt bestued huet. A Hèr Dokter, Dir hat do e gudde Gu, wat muss dat e sche'nt Mêdchen gewiescht sin!

*Bir:* An dém Alter sin d'Médercher all sche'n. Mè we' geseit de' Flam dann elo aus?

*Glatz:* Grad we' mir. Dir ge'ft kên Ennerschêd fannen.

*Bir:* Abé merci! Dann hat e gudden Engel fir mech gebiet, datt ech mech démols net bestuede konnt.

*Glatz:* Ower fir sie och, datt se sech kê Bir vun engem Man opgelueden. Ass et nemme me'glech, datt aus engem jonge flotte Cavalier de rengste Menschefresser ka gin.

*Bir:* Engem Dokter kann ên net verdenken, wann d'Menschhêt him op d'Nerve gêt. Ech mengen, de' 2 Minutten si scho lâng em. Dir Dammen, ech emfiele mech! (Weilt opston, Trulles a Gêscht halen hien zreck.)

*Trulles:* Nemmen ê Wurd nach, Hèr Dokter! Ass et wo'er — Er Fra sot ons dat elo e'nescht — datt all Er Gedanken nemme me' op sche' Rêse gerîcht wären? Dir hätt an alle Vereiner Er Demissio'n gin, fer Iech vun alle Gesellschaftspflichten rfei ze man?

*Bir:* Do huet meng Fra nemmen d'Wo'recht gesot. Ech si fro', elei fortzekommen, fir emol aner Gesîchter ze gesin. Dèr elei an onsem Nascht get ê se'er midd. Et sin net vill gescheiter drenner.

*Gêscht*: Op Ere Rêsen wèrd Der ower alt emol un ons drei denken?

*Bir:* Dat kann ech Iech ere'scht son, wann ech emol erem sin.

*Trulles:* Huelt Der Er Fra och mat op d'Rês?

*Bir:* Sot emol, ech sin dach net vum Lämmes gebass. Datt ech stonnelâng vrun den Hittbuttiker stoe misst. Nê, wann ech résen, da résen ech fir mech eleng, soss bleiwen ech le'wer dohêm.

*Glatz:* Schafft Dir och dichteg am Haus mat, Hèr Dokter, besurgt Dir de Gart, fänkt Dir de Kalorifär un, wat Dir jo alles an Erer freier Zeit mâche kennt?

*Bir:* A menger freier Zeit? Mè wo' ble'f da meng frei Zeit, wann ech d onach schaffe misst we' en Ongllecklechen? A menger freier Zeit man ech glat neischt.

*Gêscht:* Dann hätt Der also' Zeit fir aner sche' Sâchen.

*Bir:* De' aner sche' Sâchen interesse'ern mech glat net.

*Glatz:* Dir misst dat ower eigentlech man, Hèr Dokter. Dir könnt et am bèschten. Dir huet jo eso' e sche'nt Liewen, ech wellt, ech könnt et mat Iech délen.

*Bir:* O Madame, an Erem Alter ass et schwe'er, sech an e neit Liewen eranzeschaffen.

*Trulles:* A wat sét Iech Ert sozialt Gewessen? Zwengt dat Iech net, Er ganz Kraft an den Dengscht vun noblen Zwecker ze stellen?

*Bir:* Mei sozialt Gewessen sét mir, datt ech vrun allem u mech denke soll, de' aner Leitt man dat och. Wann Dir fer allerlé nobel Zwecker Iech begêschtert, ech hun neischt derge'ngt, mè bleift mir 100 Méter dermat vum Pelz. Aplaz elo eng Stonn em de Brei ze furen, hätt Der mir dat direkt solle son, da wäre mer schons lâng ferdeg, an Dir wèrt dohém an ech och ro'eg.

*Glatz:* O, Hèr Dokter, Dir huet keng Idi, watfir Hoffenonken mir op Iech gesat. Mir hun elo grad op onsem Kaffiskränzchen bei der Madame Schnabbel vun onse verschiddene Vereiner geschwat, an du huet sech jo erausgestallt, datt «d'Liga ge'ngt de Bubikapp» e Sekretär brauch, de «Verein fir klassesch Sche'nhêt» e neie Präsident an de Spiritisteklub «Antidreizeng» e Caissier. Mir hun hin an hir geroden, wie sech wuel fir de' wichteg Posten égne könnt, an du huet d'Madame Schnabbel gesot, mir sollten Iech fron, an durfir si mer kom. Elo kennt Der ons jo schons e beschen, Hèr Dokter, elo wèrt Der dach gewess net ofschlon.

*Bir:* Abé, Dir Dammen, et get Nare genog hei am Land, de' op eso' Poste gamssen, mè ech son Iecht rîcht eraus, ech si net geckeg genog derfir an ech hun och keng Zeit, absolut keng Zeit.

*Gêscht:* An elo e'nescht hu Der gesot, Dir hätt eng Mass frei Zeit.

*Bir:* Ower net fir Larifarisgeschichten.

*Glatz:* An Dir huelt Iech all gudden Dag eng kleng Vokanz.

*Bir:* Ech sin dach kê Professer!

*Glatz:* All Dokter brengt dat och fèrdeg. Chreschtdag verrêst Der 5 Dég an d'Schweiz. O'schtern 8 Dég no Pareis, no Pengschten e ganze Mo'nt an d'Bad oder op d'Plage, nên, nên. Hèr Dokter, sot net, Dir hätt keng Zeit. Mat e besche Wellen fannt Dir Zeit amass.

*Trulles:* A mir gin elei net fort, bis mir Ert Jowurd hun. A wa mir hei d'ganz Nuecht misste kampe'ern.

*Gêscht:* Dir sitt ons lèscht Hoffenonk an Dir musst jo son, Hèr Dokter, Dir musst!

*Bir* (sprengt op an op d'Dir zo', d'Joffer Glatz ass me' schnell a stellt sech mat ausgespanten Ärm virdrun.)

*Bir:* Ech muss abselut neischt. Op d'Seit, Dir verjaust Schelter! (e wellt d'Joffer Glatz vun der Dir eweg-ze'en; sie wirt sech mat der lenker Hand, ze't mat der rechter eng Pisto'leng eraus a schle't op den Dokter un.) Zreck, oder ech sche'ssen!

*Trulles a Gêscht* (ze'en den Dokter zreck op de Kanapé): Sieft dach verstänneg, Hèr Dokter!

*Glatz:* (hält dem Dokter d'Pisto'leng vrun d'Nues). A, Hèr Menschfresser, hu mer Iech ewell! Bleift elo ro'eg op dem Kanapé setzen an da sprôche mer ganz irscht emol iwer de' Sâch! (Sie stecht d'Pisto'leng nês an d'Täsch.)

*Bir* (zum Publikum): Eso' e Fall hat ech nach net a menger Praxis. De' 3 Fraleitt sin do'dsecher aus engem Narenhaus ausgebrach. Do hun ech am bèschten, hinne gutt Kärtercher ze gin, bis se fort sin.

*Glatz:* Also', Hèr Dokter, Dir sitt de richtege Mann fir Sekretär vun der «Liga ge'ngt de Bubikapp» ze gin.

*Bir:* Dir vergiesst, Madame, datt meng Fra sèlwer e Bubikapp huet. Do ke'm ech sche'n un. (Zum Publikum.) Ech muss en alt zum Schein widderspriechen, fir datt se net mirken, datt ech se durchkuckt hun. An engems gin ech gewur, wat de' verjaust Klucken welles hun.

*Glatz:* Da sot zo' Erer Fra, si sollt sech ênzock d'Hor nês wuesse lôssen.

*Bir:* O Madame, Dir kennt meng Fra net. Wann ech mat eso' èppes ke'm...

*Trulles:* We', Hèr Dokter, hu Dir dann heihêm neischt ze son? Dir wèrt dach net ennerm Pantoffel ston. D'Madame Schnabbel huet ons dach verzielt, Dir hätt fre'er emmer de Spott mat de Pantoffelhelden gemat. An elo sti Der sèlwer drenner!

*Bir:* O Madame, we' könnt Dir dat vu mir mengen! Et ass net dat, ech fèrten abselut net. (De' 3 Damme lâchen.) Dir könnt lâchen, Dir Dammen, mè kuckt, ech respekte'ern d'abselut Freihêt vun all Mensch, so'gur wann et meng Fra ass.

*Glatz:* Abé, ass dann eso' eng verreckt Mo'd we' de' vum Bubikapp net e frecht Attentat op d'abselut Freihêt vun der Menschhêt? Soll da jidferên sech eso' eng Stuppschwanzgarnitur schneide misse lôssen, wèll et e pur verjauste Fraleitt zo' Pareis oder an Amerika eso' gefällt?

*Bir:* Ja, de' verjaust Fraleitt, wat get et dèr eng Mass! Wat können de' e ro'ege Mensch rose man! Wat kommen de' op allerlé Idien an Tricken! (Zum Publikum.) A wat sollen de' drei al Schachteln do nach erfannen? Dat fänkt jo scho gutt un.

*Glatz:* Abé, ass et dann do net Er verdammt Pflicht a Schellegkêt, net de Lappschwanz ze spillen, mè ge'ngt eso' eng Tyrannei mat aller Kraft opzetrieden?

*Bir:* Ja, Madame, wann Dir d'Sâch eso' durstellt, da si mir jo wuel êns an der Idi...

*Glatz:* Aha, gesi Der, Hèr Dokter!

*Bir:* Ech soen, an der Idi, verstitt mech ...

*Glatz:* Also', da bleift et derbei ....

*Bir:* An der Idi, Madame, gelt, mè wat d'Ausfe'eronk ugêt, do ....

*Glatz:* Do iwerhuelt Dir de Posten als Sekretär, Hèr Dokter! Dat dêt de' Bubikappzûcht aus der Haut furen, wa se dat he'ert.

*Bir:* (Zum Publikum.) O, ech kennen dèr nach, de' gèr aus der Haut ge'fe furen. (Zur Joffer Glatz.) Dat hêscht, dat gêt elo eso' schnell, ech muss mer de' Sâch ....

*Glatz:* An dorophin. Hèr Dokter, erlaben ech mer, Iech als onse jengste Member ze begre'ssen. A wesst Der, wat ons Statuten dem jengste Member virschreiwen?

*Bir:* We' soll ech dat wessen! (Zum Publikum.) Elo wèrt eng sche' Verrekthêt kommen.

*Glatz* (feierlech): Abé, ech well Iech et soen. Hèr Dokter: Sie erlaben dem jengste Member, der Präsidentin feierlech eng Bés ze gin.

*Bir:* Dat ass jo gewess ganz sche' geduecht, mè ech wär net eso' keng, eso' e Privileg direkt an Usproch ze huelen. (Zum Publikum) Nondikass, ech wèrd mech schwe'er hidden.

*Glatz:* Abé, soll ech Iech da vleicht entge'ngtkommen? Dir sitt zevill bescheiden, Hèr Dokter. (Stêt op.)

*Bir* (wirt of): O Madame, a wat ge'f meng Fra durzo' son, wa se Wand dervu krît, datt ech mer eso' eng Verwothêt erausgeholl! (Zum Publikum.) E Gleck, datt ech meng Fra an alles ze'e kann.

*Glatz:* We', eng Bés dirft si dach emmer erlaben, wann ons Statuten dat eso' virschreiwen! (setzt sech nês.)

*Bir:* Do gesi Der, Madame, wann Er Statuten dat eso' virschreiwen, kann ech onme'glech Member vun Erer Liga gin. Meng Fra erlabt et dann nie a nemmer.

*Glatz:* Ma Dir kuckt dach soss net no Erer Fra a mat, wat Der wellt. Enfin, da well ech also' unhuelen, Dir hätt den Artikel 6, Paragraph 5 vun de Statuten ausgefe'ert an domat si Der da richteg Sekretär vun der «Liga ge'ngt de Bubikapp».

*Bir* (zum Publikum): Nondikass, ass déne Fraleit da mat neischt beizekommen?

*Trulles* (verneipt sech): An och Präsident vum «Verein fir klassesch Sche'nhêt».

*Bir:* O Madame, erlabt dach ...

*Gêscht* (verneipt sech): A Caissier vum Spiritisteklub «Antidreizeng».

*Bir:* Madame, ech bieden Iech, bedenkt dach ....

*Trulles:* Eso' e Präsident huet ons grad gefélt, Hèr Dokter.

*Bir:* Mè Madame, we' soll ech dann, we' kann ech dann zo' gleicher Zeit ....

*Gêscht:* An ons eso' e Caissier ....

*Bir:* Därf ech da we'nigstens wessen, wo'ranner de Programm vum «Verein fir klassesch Sche'nhêt» bestêt? (Zum Publikum) Wat wèrd ech elo ze he'ere kre'en!

*Trulles:* Onse Programm? Dat ass se'er gesot. Mir verlânge vun der Rege'eronk e Gesetz, datt all deck oder kromm oder stuppeg oder platt oder schief Nuesen radikal ofgeschaft gin. Wien eso' e Richinstrument a senger Fassad huet, dé get agespart an huet d'Wiel d'Land ze verlôssen oder derfir ze surgen, datt en an Zeit vun 8 Dég an enger Klinik hei opere'ert get. Datsèlwecht ass de Fall mat dénen, de' zevill lâng O'ren hun.

*Glatz:* Do kre'en d'Doktren hei am Land nês Arbecht. Zenter der Krisis wellt jo kê Mensch me' krank gin, an ons Doktern verarmen.

*Bir:* Ja, dèr onästhetescher Nuesen hu mer jo genug hei an och lâng O'ern amass. Als Dokter fannen ech dé Plang net iwel, d'Menschen ze versche'nern, mè als freie Mensch kann ech dach net mat eso' engem firchterlechen Terror averstan sin! (Zum Publikum.) De' Betscheln si nach me' verreckt, we' ech gemênt. Dat sin Hyänen, de' op Blutt gamssen.

*Trulles:* Dir schwätzt vum freie Mensch. Wat ass Freihêt an der Gesellschaft vun hauttdesdags? D'Gecke sin och frei Menschen, se gin awer agespart, an Dir, Dokter, (bletzt e mat den An un a mecht em eng Fauscht) hat bis elo nach ni Bedenken, arm Gecken em hir Freihêt ze brengen. De' musse folgen a wellen se net, dann hêscht et «hopphoppvirun!» an d'Gendarmen hun Iech direkt beim Krawitschel.

*Bir:* (Zum Publikum.) Nondikass, we' huet dat Framensch mech elo bekuckt. De rengste Vampir. Am Enn ass et dach besser, ech ruffen em Hellef. Ower wêss Gott, wat de' Fraleitt da man. Wa se zo' drei iwer mech hirfalen, hu se mech erwirgt an Amen a Gebiet, wèll

Gecken hir Kirperkraft get verzengfacht, wa se rose gin. Nondikass, wat setzen ech elei am Dreck!

*Gêscht:* Dir fannt, datt et Terror ass, d'Menscherass ze versche'neren. Ass se dann net eso' vill wèrt we' d'Gede'esch? De' dat verbesseren a versche'neren, de' gin an den Himmel gehuewen. Ower un d'Menschen denkt kên. Terror hin oder hir! Wat d'Aesthetik vum moderne Mensch verlângt, ka net Terror genannt gin. Iwregens huet d'Madamm Schnabbel behapt, als jonge Medizinstodent wèr Dir fir des Idi ganz begêschtert gewiescht.

*Bir:* (Zum Publikum.) De' nidderträchteg Zatz, wat de' net alles vu mir verzielt! We'sst ech nemmen, wien dat ass, dat Lo'dermensch misst och op Ettelbreck. (Zur Joffer Trulles.) De' Sâch ass mer ausdenkech gin total ausdenkech. Wann ech dat engke'er gesot, da wor ech démols do'dsecher nach ganz jonk, wo' ên u neischt zweiwelt, keng Geforen a keng Schwiregkéten geseit. Vleicht wor ech och alt emol schlecht opgeluegt a wollt engem de' Tromp gin, dé mer op d'Nerve gong, oder ech hun et nemmen zum Witz gesot .....

*Trulles:* Abé, Hèr Dokter, Er Idi wor ganz sche'n, ganz gutt a ganz richteg. A se soll ausgefe'ert gin, mengt Der net, Dir Dammen?

*Glatz a Gêscht:* Ma secher!

*Bir:* (Zum Publikum.) Nun he'er emol dén Hyänenkonzert. A wo' sollen de' verreckt Henkelen nemmen un eso' Tricke kommen! (Zur Joffer Trulles.) Abé, ech ge'f Iech ower net roden, d'Leitt bei der Nues ze huelen. Do versti se absolut kê Spâss. An dat fe'ert zo' allerlé Repressalien, vleicht eso'gur zur Revolutio'n.

*Trulles:* We' dat, Hèr Dokter?

*Bir:* (Zum Publikum.) Lôsst mer de' al Tuten emol e beschen uzen, vleicht helleft dat. (Zur Joffer Trulles.) Abé, wat mâcht der beispillsweiss mat de ro'den Nuesen, hu Der och schons un de' geduecht?

*Trulles:* Ganz einfach! De' gi mat Ripolin ugestrach a bezuelen eng Steier.

*Bir:* An de' blo?

*Trulles:* De' och, natirlech!

*Bir:* Do gesitt Der, dann ass d'Revolt jo schons do! Wèll de' ro't Nuesen wellen net mat de bloen an ên Döppe geheit gin. A wann Dir lech de' ro't an de' blo Nuesen zo' gleicher Zeit op de Bockel luet, dann ass kên Hales me'. Da get et sche'n, wèll de' schloen alles kurz a kleng.

*Trulles:* Abé mir können d'Sâch jo nach am Comité bespriechen, wann Dir mengt, et wär Gefor derbei, eso' stramm virzegon.

*Bir:* De Gefor ass eso' gur se'er gro'ss. Mè dat ass net dén énzegen Hoken bei der Sâch.

*Trulles:* So', a wat wär dann nach?

*Bir:* (zum Publikum.) Elo dreiwen ech de' Fraleitt op de Bam! (Zur Joffer Trulles.) Kuckt, Madame, ech menons, dat hêscht, Er a meng Nues ge'fen och net absolut de strengen Ufurderongen vu klassescher Sche'nhêt entspriechen. We' könne mir do Member an ech zemol nach Präsident vun eso' engem Verein sin, wa mir ons net opere'ere lossen?

*Trulles:* Abé, mir man et dann ében. An Dir als Präsident gitt ons mam gudden Exempel vir. Eng armse'leg Nues ass dach se'er verbessert.

*Bir:* O Madame, et ass ên ower eso' dru gewinnt .....

*Trulles:* Dat ass kê Grond, fir sech net versche'neren ze loszen.

*Glatz:* Fir Comitésmember könnt ên emmerhin eng Dispens afe'ern.

*Trulles:* Ass dat an Erer Liga dann eso'?

*Glatz:* Dat ass iwerall eso'. D'Comitésmember brauchen sech net un d'Statuten ze halen. De' si fir de' aner Member do.

*Gêscht:* Do gesit Der, Hèr Dokter, we' de Fall eso' einfach leît.

*Bir:* (Zum Publikum.) Nondikass a kên Enn, a wat soll ech elo erfannen, fir de' al Donnerwiederen ofze-

trompen? De Schwêss gêt mer aus. (Zur Joffer Trulles.) Ja, Madame, ech halen dat jo gutt, mè dat ass net dat lèscht Bedenken, wat ech hun.

*Trulles:* Dir hutt dèr Skrupeln awer vill, Hèr Dokter!

*Bir:* Ja Madame, bei mir muss alles exakt a grentelech gemat gin.

*Glatz:* An da wellt Der Erer Fra es, datt sie hir Botz am Haus eso' exakt a grentelech mecht. Se wor grad drun, Er Talboen ofzestepsen, hir Kusinn huet hir derbei gehollef, wèll Dir jo keng Hand ulét, wat nach lang net sche'n ass.

*Bir:* O Madame, huelt mer et net iwel, mè ech wellt, dat Gebotz wär, wo' et gutt wär. Hätt meng Fra dann net besser elo mat Iech iwer all de' kritesch Ponkten diskute'ere können?

*Glatz:* An herno wär Der mat neischt averstan gewiescht. Nên, nên, et ass besser eso', mat engem Menschefresser muss ên sech virgesin.

*Bir:* O Madame, Dir hutt Iech dach elo net me' iwer mech ze bekloen.

*Glatz:* Et wor ower och he'ch Zeit, datt Der Iech gebessert huet. Wa mir drei eppes durchsetze wellen, dann zecke mir net lâng. Dir kennt jo d'Késerin Kathrin vu Russland. Abé, dat ass onse Modell. Denkt drun, wa mir dèr Dég ên eremkommen.

*Bir:* (Zum Publikum.) Abé, wann de' russesch Zara, dèr hire Man op hirt Bedreiwen embruecht ass gin, déne Kanaljen elei hirt Ideal ass, da kann et jo sche' gin. Da muss ech onbedengt erauskre'en, wat se nach ausgeheckt hun. Vleicht retten ech engem d'Liewen. Ech därf se lo net fortlôssen, bis ech Beschêd wêss.

*Gêscht:* Ech mengen, et wir jo alles an der Rei a mir ge'fen den Hèr Dokter onnetz ophalen. (Stêt op.) Mir hu seng Gedold eso' we' eso' schons op eng hard Pro'f gestallt. (Glatz an Trulles stin och op.)

*Bir:* (Wirt eifreg of.) Ma nên, ma nên, Dir Dammen. Ech bieden Iech, bleift dach setzen. Ech hu jo grad gutt

Zeit, ech hu jo Vokanz, ech wêss wirkelech net, wo'mat ech d'Zeit do'dschloe soll.

*Gêscht:* Musst Dir der Madame Dokter da net bei der Botz vum Haus hellefen?

*Bir:* Ech ge'f jo gèr, mè ech därf net, si wellt abselut net.

*Glatz:* So', a firwat dann?

*Bir:* Ja, ech schaffen hir émol ze schnell. An 10 Minutten sin ech allke'er mat allem fèrdeg, an dat ka meng Fra net ausston.

*Gêscht:* So', Hèr Dokter, wann et eso' ass, da könne mir ons nach ên Ament setzen. Ech hat elo grad gemênt, Dir wèrt onser midd, Dir hätt am le'fsten, wa mer me'glechst se'er ublocke ge'fen.

*Bir:* O Madame, 't kann ê wuel denken, alles mè dat net. Setzt Iech dach nach 2 Minutten, Dir Dammen, mir hu jo nach eso'vill matenên ze bespriechen. (De' 3 Dammen setzen sech nês.)

*Trulles:* Meija, Hèr Dokter, Dir hat do nach ê Bedenken.

*Bir:* E Bedenken we'nt menger Fra. Wèll si net zo'gleich mat mir am Komité vum «Verein fir klassesch Sche'nhêt» ka sin, wollt ech wessen, op si sech och de Statuten ennerwerfe misst?

*Trulles:* A gewess, Hêr Dokter, wa si keng ästhetesch félerlo's Nues huet, da muss si d'Konsequenzen dron.

*Bir:* Dat ass schlemm, dat ass se'er schlemm, da kann ech onme'glech an Erem Verein bleiwen, Madame, meng Fra ge'f dat nie a nemmer zo'gin.

*Trulles:* Mè, Hèr Dokter, fir en he'cht Ideal we' d'Ästhetik muss ên dach och e klengt Affer brenge können. Er Patienten a Patientinnen verzielen dach iwerall, Dir ge'ft leidenschaftlech fir Konscht schwärmen a bei all Geléenhêt soen, fir seng Idéalen misst ên alles hirgin.

*Bir:* Gewess, gewess, mè we' soll ech dat vrun de Leitt veräntferen, wa meng Fra sech we'nt mengen Idealen vu mir schéde le'sst? De' gro'ss Mass huet fir eso' en

Affergêscht bei engem Mensch abselut kê Verstäntenes.

*Trulles:* Dat ass jo richteg. Mè wann Er Fra fir Er Idealen net me' Herz opbrengt, da lôsst se sech schéden, (feierlech) da sin ech och nach do. (Verdre't d'An verle'ft a kuckt den Dokter un.)

*Bir* (erfe'ert): Dir, Madame?

*Trulles:* Jo, ech, Hèr Dokter, ech si Wittfra, mir sin 3 Wittfraen.

*Bir* (zum Publikum): De' hun allen drei hir Männer embruecht. Elo verstin ech, firwat de' Tigerin lo e'nescht vun dèr russescher Mèrderin geschwat.

*Trulles:* Wat sot Der dann durzo', Hèr Dokter, Dir huet dach verstan?

*Bir:* Merci, merci, Madame! Mè ech kann dat jo gur net begiren. Kuckt, ech kenne mech; d'Leitt nenne mech «De Menschfresser» a sie hun net Onrecht. Wat krît Der do bei mir e Liewen!

*Trulles:* O, ech we'sst schons mech anzerîchten, ech hätt Iech hurteg gedre't.

*Bir* (zum Publikum): Jo, den Hals emgedre't, dat gléwen ech. Wat e firchterlecht Framensch! Wann ech mer dat nemmen vum Pelz hale kann!

*Trulles:* Gelt, Hèr Dokter, dat hat Der net erwart?

*Bir:* Ech si paff, Madame.

*Trulles:* Dat ass kê Wonner. An nun erlabt mer, Iech we' e Brudder un d'Herz ze drecken.

*Bir* (erfe'ert): O Madame, Dir wesst net, we' stark ech sin. Ech könnt Iech we'dun.

*Trulles:* Ons Statuten schreiwen ausdrecklech de Bruddergro'ss vir.

*Bir:* We', Er Statuten och alt?

*Trulles:* A firwat net? Dat ass dach ganz natirlech, zenter datt d'ganz Menschhêt sech verbriddert. Enfin, wann ons Statuten Iech net gefalen, dann ännert Dir se em. Se si jo nach net definitiv, a mir si vu vireran mat allem averstan, wat Dir als Präsident virschlot.

*Bir:* Madame. Ert Vertrauen e'ert mech se'er. mè ....

*Trulles:* Hèr Dokter. all Schwätzen ass iwerflesseg. D'Sâch ass an der Rei. Dir sitt Präsident a bleift et.

*Bir:* Mè. Madame. wann ech Iech dach soen ....

*Trulles:* D'Sâch ass an der Rei!

*Bir:* Madame. wann ech ....

*Trulles* (energesch): An der Rei!

*Bir:* (get no): Ower dann nemme fir 1 Jor. Durno muss en anern mech ofle'sen.

*Trulles:* Gutt, gutt. Hèr Präsident. dat könne mer Iech verspriechen.

*Gêscht:* An elo. Hèr Dokter. hoffen ech. datt Der och mir kê Kurf get. Kuckt. mir verlânge gewess net vill. Onse Klub ass zimlech onbekannt a. fir Propaganda ze man. brauche mir en energesche Caissier, dén ons Geld an d'Caisse brengt.

*Bir* (zum Publikum): Nu kuck emol! Bei aller Verjausthêt sin de' Wirwellef ower dach op de Su aus! (Zur Joffer Gêscht.) An do mengt Der, Madame, ech ge'f dat ferdeg brengen?

*Gêscht:* Dir brengt dat ferdeg, Dir sitt segur dén énzegen, dén et ferdeg brenge kann. Er Autorite't als Dokter....

*Bir:* O Madame, Dir hutt zevill eng gro'ss Ménonk vu mir.

*Gêscht:* Hèr Dokter, et brauch ên nemmen ze kucken. mat wivill Konscht Er Krawatt all Dag gebonnen ass, mat wivill Gu Dir se Dag fir Dag auswiesselt, we' rîcht d'Fal an Erer Box gestrèckt ass, fir direkt ze gesin, datt Dir e Mann vun enger ongewe'necklech gro'sser Energie sitt ....

*Bir* (zum Publikum): Et sollt ên et ower net mengen, wann ê mech elei we' e Lappschwanz bei dén ale Geiekeschten setze geseit. (Zur Joffer Gêscht.) Mè Madame, ech gléwe jo kê Fatz un d'Gêschter, ech si keng Grimmel awergléweg.

*Gêscht:* Ma dat ass jo och gur net ne'deg, Hèr Dokter, et get der genog, de' sin et emso' me'. Wann Dir ons nemme Fongen erbeischaft, me' begire mer net.

*Bir:* Jo, mè ech kann dach net mat guddem Gewessen fir eng Sâch antrieden, un de' ech sèlwer net gléwen.

*Gèscht:* A wat mecht dat! D'Welt wellt jo bedru gin. Dir sot et jo sèlwer dax genog Ere Patienten. «Wien ze domm ass, fir hannert de Scharlatangen hiren Hokuspokus ze gesin, dé ka blechen», sot Der net eso'? D'Madame Schnabbel behapt et we'nigstens, an dann ass et och eso'.

*Bir* (zum Publikum): O, wat ass dat elo e schlecht Framensch, verdurwe bis an d'Se'l! (Zur Joffer Gêscht.) Ech wonnere mech driwer, datt d'Madame Schnabbel dat alles nach wêss. Si muss e gutt Gediechtnes hun.

*Glatz:* E se'er gutt! Dir misst se nemme kennen.

*Bir:* O, ech wèrd se jo geschwenn eremgesin.

*Glatz:* Dat ass me' we' secher. Dir wèrd Iech iwert se wonnern.

*Gêscht:* A vergiesst net, Hèr Dokter, datt Dir an onsem Club Geléenhêt huet, allerlé psychologesch Studien ze man. Dir le'ert do allerlé Menschentypen a Charakteren kennen, schon dat elèng ass derwèrt, datt Dir de Posten als Caissier mat Plese'er unhuelt, gelt!

*Bir* (zum Publikum): Schwätzt de' Zara nach vu psychologesch Studien! Ech hun dèr elo eng ganz Stonn gemat an d'Nues voll. Ech well net och nach verjaust gin. (Zur Joffer Gêscht.) Madame, et ass mer dach e beschen ze vill: Sekretär vun der «Liga ge'ngt de Bubikapp», Präsident vum «Verein fir klassesch Sche'nhêt» an och nach Caissier vum Spiritisteklub, we' hêscht e schons, Madame?

*Gêscht:* Spiritisteklub «Antidreizeng».

*Bir:* Ech menge, wa meng Fra dohannertke'm, de' eso' erzfromm ass, dann hätt ech keng ro'eg Stonn me', an ech brauch meng Ro' eso' ne'deg, meng Nerve sin durch meng gro'ss Praxis total opgebraucht.

*Gêscht:* Grond emso' me', fir emol ener aner Menschen ze kommen. Dir hutt jo e'nescht sèlwer gesot, Dir misst onbedengt aner Gesîchter gesin.

*Bir* (zum Publikum): O jo, mè keng we' de' 3 Do'dsennen elei. (Zur Joffer Gêscht.) Dat hun ech gesot, mè fir aner Gesîchter ze gesin, muss ech schons aus dem Land eraus, wèll elei kennen ech jidferên.

*Gêscht:* Als Caissier hu Der jiddefalls net eso'vill Arbecht we' als Präsident.

*Trulles:* O pardon, Madame, de Präsident huet bei ons zesoen neischt ze man, ower alles ze son. De schwe'erste Posten an engem Comité ass emmer dé vum Sekretär.

*Glatz:* Dat ass total falsch, Madame. Fir de' pur Bre'f ze schreiwen, brauch e Sekretär dach net vill Zeit. Caissier ass a bleift de schwe'erste Posten, an ech begreife ganz gutt, datt den Hèr Dokter do allerlé Bedenke kritt.

*Gêscht* (sprengt irgerlech op): Dat ass net wo'er, abselut net wo'er. Wann Dir ons den Hèr Dokter als Caissier reiles mâcht, da verbidde mir him, bei Iech Sekretär a Präsident ze sin.

*Glatz* (sprengt op): Ojo, dat gese'che mir ower gèr!

*Trulles* (sprengt op): A mir och!

*Bir* (zum Publikum): Nu kuck emol de' kâzeg Tutschen! Elo geroden se sech nach an de Chignon a schloe mir um Enn hei alles kurz a kleng.

*Gêscht* (ze't e lângt Dollechmesser eraus a mecht et op): Madame Trulles, teschent ons zwê muss sech d'Sâch dann elo entschéden. Mir duelle'ern ons, dat ass dat einfachst.

*Trulles:* Wann et net anescht ass, dajé! (Ze't och e lângt Dollechmesser eraus a mecht et op.)

*Bir* (zum Publikum): Em Himmelswellen, lo schluecht eng de' aner. Kuck, we' en d'Bluttgir aus den An lîcht. (E sprengt teschent se.) Mè, ech bieden Iech, Dir Dammen, sieft dach weiss, Dir hutt dach net ne'deg, Iech e Lêd unzedin, ech huelen de Posten als Caissier alt mat an de Kaf. Et wèrd jo net d'Liewe kaschten. Mè lét de' Messern em Himmelswellen eweg, wa meng Fra oder mei Jong elo erake'm an Iech eso' dostoe

gese'ch. ge'fen se vu Schrèck an d'Kränkt falen. Lòsst mer ons le'wer nach ên Ament setzen. mir si jo elo op der ganzer Linn matenên dakkor..

*Glatz* (zo' Gêscht an Trulles): Abé dajé. Dir Dammen, da lôsst mer dem Hèr Dokter de Wellen din. Dé klenge Mössel ass se'er vergies.

*Gêscht:* O. ech si wuel vif, mè ech hâle kên Hâss no! (Stecht d'Messer nês an a setzt sech.)

*Trulles:* A mir gêt et grad eso'. Ech kann och ni engem èppes nohalen. (Stecht och hirt Messer an a setzt sech och).

*Bir* (zum Publikum): Nu kuckt ower emol de' falsch Geftmo'cken nu! Elo wollten se sech grad nach op Do'd a Liewen zerfatzen a schons schmieren se sech nês Hunneg em de Bart.

*Gêscht:* Hèr Dokter, wèll de Caissier an onsem Club vleicht e besche vill Arbecht huet, krut en ower och dat vill beneitt a begirt Recht zo'erkannt, an all Comitéssetzong der Präsidentin eng Bês op jidfer Bak ze gin. A wann och elo keng Comitéssetzong ass, dann erlaben ech dach dem Hèr Dokter — als besonner Unerkennonk — op der Plaz vu sengem Caissiersprivileg Gebrauch ze man.

*Bir* (zum Publikum): Nu kuck emol de' al hysteresch Drâchen! Eng no dèr aner ge'f mech gèr zerlecken. De Sâft lêft en am Maul zesummen. Eso' eng wèr emstand, engem vu lauter Geilhêt en O'er ewegzebeîssen. (Zur Joffer Gêscht.) Madame, et wèr ower vu menger Seît se'er we'neg delikat, vun eso' engem he'je Privileg schons Gebrauch ze man, e'er ech emol èppes Richteges gelêscht hun, fir mech dèr E'er wert ze weisen.

*Gêscht:* A, Hèr Dokter, Dir sitt e noble Mann, all Respekt fer Iech. Also' gutt, 't ass ofgemat, Dir huelt de Posten als Caissier un?

*Bir:* Ech probe'ere we'nigstens, Madame.

*Gêscht:* Gutt, probe'ert emol, Hèr Dokter, et wèrd Iech net lêd gin.

*Glatz* (stêt feierlech op. de' 2 aner Joffern och): An domat. Hèr Dokter, soe mer Iech villmols, villmols merci.

*Bir* (stêt och op): A nên, Dir Dammen, ech muss merci son, datt Dir eso'vill Vertrauen a mech gesat. An ech wèrd mei Bèscht man, fer Iech zefridden ze stellen. Sot dat och der Madame Schnabbel a rîcht er vu mir all Komplimenten aus. Wur kann ech Iech schreiwen?

*Glatz:* Dir braucht nemmen onse Numm op de Bre'f ze setzen, mir wunnen all zo' Ettelbreck.

*Bir* (zum Publikum): Do hu mer et jo. O, ech wo'sst et jo, eso' èppes hun ech direkt eraus. Elo telefone'ern ech ênzock der Polizei. De' 3 Fraleitt musse kalgestallt gin an dat se'er, e'er e Verbrieche geschitt ass. (Zur Joffer Glatz) A we'ni sollen de' verschidde Comitéen zesummekommen?

*Glatz:* Mir délen Iech et mat, Hèr Dokter. Also' bis dann a nach engke'er villmols merci. (Glatz, Trulles a Gêscht gin op d'Dir zo').

*Bir:* Bonjour, Dir Dammen! Get uecht an der Trap! Erlabt, ech gi vir! (Mecht d'Dir op.) A, elei kent jo grad mei Be'fchen. (De Fissy stêt an der Dir.) Fissy, fe'er du de' Dammen d'Trap of bei d'Mama a so er, se soll e Glas Wein serve'ern.

*De' 3 Joffern:* Merci, merci, Hèr Dokter, dat ass jo gur net ne'deg!

*Bir:* Dach, dach, Dir Dammen, mat menger Fra dé Gefalen! (helt de Fissy op d'Seit a sét em an d'O'er:) Fissy, wann de' Damme fortgin, da gés de hinnen hémlech no a kucks, a watfir en Haus se gin. Da kens de mir et se'er son. (De Fissy an de' 3 Joffern gin of, de Bir mecht d'Dir zo' a le'sst sech we' do't op de Stull falen. No enger Weill sét en). Ech alen Iesel! (Erem eng Paus.) Ech Pèrd! (Erem ên Ament.) Ech Harenox! Dat elo huet mer nach gefélt. Hun ech gescht ère'scht, ausgerèchent gescht also', meng Demissio'n am Kéleklub, am Gesankverein, am Boxplub an am Spurverein gin, fir entelech emol dohém bleiwen ze können a menger Gemitlechkêt no liewen ze därfen,

elei musse jo drei eso' éfälleg Kano'ne kommen, fir mech an all me'glech Vereiner eranzeschlêfen, de' grad eso' verjaust sin we' de' Fraleitszûcht sèlwer. Zum Gleck ass et jo lauter Efalt, mè et wurmt mech dach, datt ech mech vun déne Fraleitt zwangen hu gelost hiren Tricken nozegin. Mè wat wollt ech man? Mat Gewalt wor abselut neischt auszerîchten. Enfin, dat hätt ech iwerstan, an elo ass et un der Polizei, fir dém Narentrio d'Handwirk ze lên. (E stêt op an dre't um Telephon.) Ass d'Polizeidirektio'n do? — So'so', den Hèr Weis sèlwer? Bonjour, Hèr Direkter! Hei Dokter Bir. Ech hun elei am Haus drei Fraleitt setzen, de' do'dsécher aus dem Sanatorium zo' Ettelbreck ausgebrach sin. — Jonger? Nên, schons al Semester, mè trotzdém se'er gefe'erlech, wèll se hu Waffe bei sech, de' eng e Revolver, de' aner zwê ganz lâng Dollechmesser. Dir kommt sèlwer direkt mam Iwerfallkommano? Se'er gutt. Merci, Hèr Direkter! — (Setzt sech nês.) Elo wèrte mer se hurteg mam Weckel hun. Nê, we' woren de' drei al Muddern verrescht an dobei geschminkt a gepuddert, nonditripp, ech hätt jo kenger vun dén ale Quiseln eng Bês gin a wann et mech de Kapp kascht hätt. Datt eso' al Husaren nach eso' bésereg wären, hatt ech net fir me'glech gehal. Ja, wiren et drei jonk sche' Kanner gewiescht, do hätt ech keng Bedenke gehat, d'Statuten op der Plaz auszefe'ern. Mè eso'! (Et he'ert ên d'Tuten vum Iwerfallkommando). Aha, wèll ass den Iwerfallkommando vrum Haus! Elo get et sche'n! (Sprengt op, reîsst d'Fenster op. Et he'ert ê ruffen: Hèr Dokter! Wo' si se?) An der Stuff setzen se, an der Stuff, de' zwêt Dir rechts vum Agank. Get uecht, se hu Revolvern a Messer! (Eng Stemm vu baussen: Mir fèrten net. En avant!) — Donnerwieder, ons Polizisten hun ower Kurasch am Leiff, dat muss ê soen. Wann de' Fraleitt neme keng Zeit kre'en, sech ze wiren! Dat ênt Mensch huet der Deiwel am Leiff, dat ge'f Iech nidderknalen, o'ni usch ze son. We'? D'Polizisten hu se net fonnt? (Rifft) Hu Der se net fonnt? We', se sin net me' do? Da furt se'er em

den Eck, da si se nach keng 100 Méter weit! (Signal vum Iwerfallkommando.) De' Fraleitt si me' lûsseg gewiescht, we' ech gemenkt. De' hu sech èppes gezweiwelt a sech durch d'Bascht gemat. A wur sollen se nemmen hisin? Elei kent den Iwerfallkommando (Et he'ert ên nês d'Tût.) schons erem an eleng. (Rifft) Hu Der se net gesin? Abé, ech komme gleich sèlwer op d'Direktio'n; a 5 Minutten sin ech do. Dir wellt nach engke'er durch d'Stad furen? Gutt, gutt, dir bege'ngt se dach vleicht, ech hu mei Be'fchen hinnen nogescheckt, si entgin ons net. (De Bir mecht d'Fenster zo'; Signal vum Iwerfallkommando) Donnerkeil, wat ass elo ze man? Wann de Fissy se aus den An verlur huet, da sin ech vir bei an hanne widder. Aha, lo kent mer eng Idi! Ech muss de' Fraleitt erem hirlackeln a léen dann den Iwerfallkommando an den Hannerhalt. Mè wo'mat lackeln ech s'un, wo'mat? Halt, halt, lo wêss ech et. Ech schreiwen hinnen drei ênzock meng Demissio'n, da kommen s'an enger Roserei gerannt an dann hu mer se. Elo ass et 11 Auer, dann hu se meng Bre'f em 4 Auer, an em halwer fennef wèrten s'ugebeselt kommen. Dat ass eng brillant Idi! (E setzt sech a schreift.)

*Szên 3.*

*Dokter Bir; de Fissy.*

*Fissy:* (kent fro' eragesprongen a weist stolz dem Bir allerlé Sâchen, de' en an der Hand huet.) Hei, Papa, wat hun ech kritt!

*Bir* (on'i opzekucken): Wat hues de dann?

*Fissy:* E Revolver an zwê Dollecher.

*Bir* (firt erschreckt op): Wat, wien huet der dat gin? Lés de dat se'er eweg, de' Sâche si jo gefe'erlech.

*Fissy:* De' hei net, Pappa, de' hei sin aus Schokola, an de' Joffern hu mir se gin, de' elo bei Dir woren.

*Bir:* Wat, de' Joffern?

*Fissy:* Jo, se hun an der Trap allerlé Gezei ausgedun a sech d'Gesîcht ofgeriwen, an du woren et obémol 3 sche' Joffern. A si soten, du solls emol op de Kalenner kucken ...

*Bir* (kuckt schnell): 1. Abrel! O Donnerwetzky, ech Dabo!

*Fissy:* An d'Madame Schnabbel wèr deng Kusinn, d'Madame Dokter Jux.

*Bir:* Natirlech, o de' Kanaljen!

*Fissy:* An dat wèr deng Strof, wèlls de aus hirem Kéleklub entlaf wirs a gi wèrs e «*Menschefresser*».

*Enn.*



*NB.* Wo' Joffern matspillen, fle't elo dreimol d'Dir op, an der Rei no strècken d'Joffere Glatz, Trulles a Gêscht de Kapp eran a ruffen:

*Glatz:* Bonjour, Hèr Sekretär! Get mer eng Bés!

*Trulles:* Bonjour, Hèr Präsident! Wellt Der eng Bés?

*Gêscht:* Bonjour, Hèr Caissier! We' ass 't mat der Bès? (De Bir get emmer me' kleng a verkraucht sech obémol ennert den Desch. D'Dir gêt zo' an et he'ert ên de' 3 Joffern hirzsäfteg lâchen.)

*De Rido fällt.*